

Pressecommuniqué:

Protestpiquet géint d'Erëffnung vum neie Prisong zu Suessem, den 30.11. um 14 Auer

Den 30. November fënnt d'Erëffnung vum neie Prisong zu Suessem, mat Plaz fir 400 nei Gefaangener, statt. Dat ass keng grouss Errongenschaft, an och kee Grond ze feieren: am Géigendeel, et weist, dass Lëtzebuerg nach ëmmer de Reflex huet, seng Problemer aus dem Bléckfeld ze schafen amplaz sech mat hinnen grondsätzlech ze beschäftegen.

"85% vun de Leit, déi an de Prisong gestach ginn, gehéieren net dohinner", sou de Präsident Christian Richartz vun der ASBL 'Eran, Eraus... an Elo?', deen sech op international unerkannt Studien bezitt. Hien konkretiséiert: "Zu Lëtzebuerg ass de Groussdeel vun de Leit am Prisong wéinst Klengkriminalitéit, "vol simple" an Drogendelikter. Dozou kënnst eng riseg Unzuel vu Leit an Untersuchungshaft - déi agespaart, mee awer net verurteelt sinn."

Als Bündnis vu verschiddenen Organisatiounen ruffen mir dowéinst zu engem Protestpiquet op der Ouverture op. Mir invitéieren d'Press, dofir den 30. November 2022 um 14:00 Auer virun de Prisong zu Suessem ze kommen.

Eng zousätzlech Kapazitéit vu 400 Plazen ass eng Erhéijung vun iwwer 50% - an déi 400 Plazen am neie Prisong sinn integral fir Untersuchungshaft virgesinn. De Staat huet also vir, an Zukunft nach méi Leit ouni Condamnatioun anzespären - sou vill Leit, dass eleng dofir e ganz neie Prisong fir iwwer 200 Milliounen gebaut gouf. Dobäi huet Lëtzebuerg schonn den héchsten Taux vun Untersuchungshäftlingen a ganz Europa. Problematesch am Vergläich zu anere Länner ass och, dass et gesetzlech keng zäitlech Begrenzung vun der U-Haft gëtt an eise Justizsystem immens lues ass.

Mir kënnen net méi zouloossen, dass näischt géint Prekaritéit an Wunnengskris gemaach gëtt, mee op 10 Hektar honnerte Milliounen an eng Repressiounfantasie gestach ginn. D_e Gabriel_le Taillefert vun der a.s.b.l. Richtung22: "Le taux d'incarcération n'est pas en relation avec le taux de criminalité, il s'agit ici d'une volonté politique. La coalition actuelle crée en tout 492 places dans des lieux privés de liberté, et il n'y a aucune opposition audible?"

D'Konsequenzen vu Gefaangenschaft si gravéierend an et ass wëssenschaftlech bewisen, dass Isolatioun a Bestrafung keng rehabilitéierend Wierkung hunn. Am Géigendeel, d'Leit ginn desozialiséiert, verléieren Aarbecht, Wunnraum, Sexualitéit, Dignitéit, an d'Gefill, eng Plaz an en

Notzen an der Gesellschaft ze hunn. Ausserdeem gëtt hinnen hier Autonomie an hier
Entscheidungskraaft ewechgeholl, an nach dozou bal all Zukunftsperspektiv - et gëtt keen
einfache Wee aus dem Prisongszyklus eraus, an och dat ass keen Zoufall.

Och fir d'Familien an d'Ëmfeld ass den Zyklus vun der Gefaangenschaft en Däiwelskrees; en
zerstéiert Kandheeten a Relatiounen a léisst Fraen oft eleng mat Aufgaben fir eng ganz Famill.
Finanziell ginn d'Leit nach méi an d'Prekaritéit an an d'Isolatioun gedréckt.
Aus dëser Spiral kommen déi mannsten Leit vum selwen eraus; a wann se dofir keng
Ënnerstëtzung kréien, dann kann de Prisongssystem säin eegent Zil - Verbrieche ze stoppen -
net errechen.

D'Ada Günther vu Richtung22 erkläert: "De System vun der Incarceratioun ass e Relikt aus enger
Zäit, wou mir nach gegleeft hunn, dass eng Isolatioun vun der Gesellschaft zu reliéiser Erlichtung
a Reformatioun vum Charakter féiert. Elo hu mir eng aner Vue op d'Welt - firwat hu mir dann keng
aner Méttelen, Mënschen gesellschaftlech ze rehabilitéieren?"

Mir ruffen zesummen dozou op, dëst Thema ëffentlech opzebrededen an net weiderhin hanner
Gitter leien ze loossen. D'Inauguratioun vum neie Prisong dierf net ouni Resistenz iwwert d'Bün
goen.

Bündnis:



Eran, Eraus... an Elo? a.s.b.l.

Richtung22 a.s.b.l.

RISE a.s.b.l.

Second Chance a.s.b.l.